


SYN- ER- GIE

JUNI 2022 #67

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden



**KANTON
REIDEN**



Animations pour enfants

Jeudi

07/07/2022

Braderie

Redange-sur-Attert

de 9h à 18h

30% 40% 50%

Petite restauration



Organisation de l'Union Commerciale et
Artisanale de Redange-sur-Attert

Impressum

Rédaction, direction artistique,
illustration, mise en page
& suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements
& réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute
reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est
strictement interdite sans
autorisation écrite au
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
Fin septembre 2022

Clôture annonce
Début septembre 2022

Tirage
13.230 exemplaires

Magazine régional d'information
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.
en collaboration avec le Syndicat
Intercommunal „Kanton Réiden“ et
le Groupe d'Action Locale Leader
Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le
développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.




© Ramos Bryan

Sommaire

02 BekiPay
elo disponibel!

04 LEADER-Projet ARNU
Archives Régionales
Numérisées



06 Experiment
Drénk-Këschten!

08 jepeuxvoter.lu

10 Flott Aktiounen
vun eise Gemenge
fir eis Ëmwelt

12 Natura 2000 - Eine
Region voller Schätze



16 Alentoure bei
mengem Haus

18 D'Gemeng Sëll gëtt
10. Membersgemeng!

20 Hëllef, meng
Masuttsrechnungen
explodéieren!

23 Interregprojet am ALR
SMART-ENERGY 4.4

26 D'Produzenten aus
eisem Kanton stelle
sech vir!



30 Expert-in vum
Wëlle Westen

31 E-Bike Locatioun
Juni-August 2022



32 Weekend vum
Wëlle Westen

33 Guided Summer Tours

34 Infrastructures
cyclables au Canton
de Redange : quoi de
neuf ?

37 Kulinaresche
Vélostour

38 Bike4all

39 Les nouveaux
numéros pour nos
lignes de bus

42 Agenda

Um Koll an Aktioun
Festival konnten
déi éischt Pionéier
d'App BekiPay
ausprobéieren.



BekiPay elo disponibel!

De Kanton Réiden ass prett fir d'Zukunft: Mat BekiPay gëtt et elo eng sécher a praktesch Bezuel-App, déi eis Regioun méi nohalteg mécht an dobäi den Impakt vun all Eenzelem stäerkt.

bekipay


GET IT ON
Google Play

Download on the
App Store



Le Gouvernement
de Luxembourg se réjouit de
l'adoption de l'application
de paiement BekiPay
et du développement
du territoire rural.
Fonds européen agricole pour le développement rural.
L'Europe investit dans les zones rurales.





De Beki ass bekanntlech eng clever Method fir d'nohalteg Entwécklung vum Kanton Réiden ze förderen, well en eng Ketterreaktioun u lokalen Akeef ausléist. Wien mat Beki bezuelt gëtt, gëtt se weider bei anere lokale Betriber am Kanton Réiden aus. Esou ginn déi positiv Effekter vum lokalen Akafe multiplizéiert an den Impakt vun all Eenzelem gëtt verstärkt.

Allerdéngs, an eng Bank ze goe fir Beki ze kréien, dat war ville Mënschen ze ëmständlech. Eng weider Hürd fir Beki ze benotzen, war och, dass vill Mënschen net gäre Boergeld mat sech rëmdroen. Et

goufe keng Beki Konten, also konnt et och kee mat Konte verbonnenen digitale Bezuelssystem ginn. Mä déi Problemer sinn elo geléist: mat der BekiPay Bezuel-App kënnt Dir lech elo ee Beki Konto uleeën a bequeem digital mat Beki bezuelen!

Nach ni war et esou einfach, seng lokal Gemeinschaft an de lokale Commerce ze förderen an d'Ëmwelt ze schützen. Ee kleng Geste – ee groussen Impakt!

Eng Lëscht vun de Betriber bei deenen Dir elo schonns mat BekiPay bezuele kënnt, gëtt op beki.lu aktualiséiert.

BekiPay ass sécher an einfach ze benotzen. E puer vun de Funktioune ginn Iech hei virgestallt:



Fir ze bezuelen:

- De Verkeefer weist Iech ee QR-Code op sengem Handy an Dir kënnt deen einfach scannen. De Montant gëtt Iech ugewisen a mat engem Klick op Ok hutt Dir bezuelt!
- Dir kritt eng Rechnung geschéckt mat engem BekiPay QR-Code drop: **einfach scannen a bezuelen.**
- Dir kënnt och an der App een aneren Notzer sichen an deem dann digital Beki vun Ärem Kont iwwerweisen.

Dir hutt een einfachen Iwwerbléck iwwert all Är Transaktiounen. Dir kënnt och den Zäitraum definéieren an esou gezielt Transaktiounen sichen.



Wann Dir Euro a Beki wiesselt, kënnt Dir bis zu 3 Prozent méi Beki kréien oder awer een Don vun dräi Prozent initiéieren. Dëst kënnt Dir elo zu all Moment an Ärer App astellen an zwar wéi Dir wëllt: zum Beispill ee Prozent méi fir Iech an zwee Prozent fir ee gudden Zweck.

Dir kënnt d'App op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch benotzen.

Déi 100 éischt Notzer kréien ee Startguthaben vu 5 Beki geschenkt!

Är Donnéeë ginn net un Anerer weiderginn oder verkaft. Bei BekiPay sinn Är Donnéeë sécher!


BekiPay ass souwuel fir Android wéi och fir iOS disponibel. Dir fannt BekiPay am Play Store respektiv am App Store.



LEADER-Projet ARNU

Archives Régionales Numérisées

Leschten Opruff fir d'Areche vun Dokumenter!
Dernier appel à documents !



Zanter 2020 huet de Projet ARNU schonn e grouse Koup Aarbecht fir dat lokaalt a regionaalt historiescht a kulturellt lerwen ze digitaliséieren, geleescht.

Ronn zwanzeg Digitalisierungsprojete goufe scho konkretiséiert oder sinn amgaang realiséiert ze ginn. Des Projete goufe vu de Gemengen, vun Associatiounen oder vu Privatleit aus de 4 LEADER-Regiounen Atert-Wark, Eislék, Mëllerdall, Lëtzebuerg West ugefrot.

Nach bis Enn vum Joer 2022 hutt Dir d'Méiglechkeet Ären Digitalisierungsprojekt eranzeginn. Zéckt net!

Wann Dir Archiven hutt, déi am Zesummenhang mat der kultureller oder historiescher Geschicht aus de Lëtzebuerger Regiounen oder Dierfer stinn, da kënnen dës Archiven gratis digitaliséiert ginn fir datt se op laang Dauer erhalte bleiwen an och fir déi nächst Generatiounen zougänglech sinn. Dës Archive kënnen aus ale Bicher oder Sammelbänn, alen Zeitungen vu lokale Vereenegungen oder Veräiner, Diaen oder representativ Fotoen oder all

anerem Support, deen en Temoignage vum lokalen Kulturierwen enthält, bestoen.

Op eiser Internetsäit www.arnu.lu fannt Dir weider Informatiounen iwwer d'Ziler vum ARNU-Projet an all Dokumenter (Bicher, Zeitungen, Fotoen, Diaen, Negativer, Filmer, ...) déi bis haut digitaliséiert goufen. Op eiser Säit kënn Dir ausserdeem d'Dokumenter eroflueden, fir Äre Projet eranzerechen.

Wann Är Dokumenter vu kulturellem oder historieschem Interessi sinn, ginn se gratis vum Back-Office Atelier vun der Autisme Lëtzebuerg ASBL digitaliséiert. De Back-Office Atelier ass en Atelier d'insertion professionnelle a beschäftegt Leit mat enger Behënnerung aus dem Autismus-Spektrum, déi op d'Digitaliséierung vun alem Material spezialiséiert sinn.

Den ARNU-Projet huet d'Digitaliséierung vun ale Videokassetten oder Mini-DV-Medien erméiglecht duerch d'Erfaasse vun audiovisuellem Material aus de fofzeger a siwwenzeger Joren vu 8mm- a Super8-Filmer, genee ewéi Bicher iwwer dat lokaalt a regionaalt Liewen, Texter vun ale regionalen Theaterstécker, Sammelbänn aus der lokaler a regionaler Geschicht (Industrie, Musek, Kultur, Krichszäiten, ...), Zeitungen iwwer d'Gemengeliwwen oder Staatsservicer (Enseignement, Rettungsdéngscht, ...), Fotoen oder Postkaarten oder och Filmer iwwer d'Gemengeliwwen vu fréier (Fester, Sport, Natur an Ëmwelt, touristesch Aktivitéiten, ...) digitaliséiert.

Duerch déi gratis Digitaliséierung vun Ärem Archiv gëtt de Katalog vun den digitalen Inhalter permanent méi grouss an Dir bedeelegt lech aktiv un der digitaler Strategie fir d'nationaalt Kulturiewen, där hiert Zil et ass, esou vill ewéi méiglech al Dokumenter ze digitaliséieren, z'erhalen an zur Verfügung ze stellen.

Um Schluss vum Joer geet d'LEADER Ënnerstëtzung vum Projet ARNU op en Enn. Et sinn nach Projeten an der Bearbechtung, awer et kënnen nach e puer Projeten virun Enn vum Joer realiséiert ginn. Et ass also nach méiglech, Äre Projet eranzerechen, andeems Dir eis kontaktéiert. No der LEADER-Phase wäert d'Aarbecht weider goen, awer käschtepflichteg ginn.

Avis aux amateurs!

Depuis 2020, le projet ARNU a déjà réalisé un important travail de numérisation du patrimoine historique et culturel local et régional.

Près d'une vingtaine de projets de numérisation ont déjà été concrétisés ou sont en cours de réalisation. Ces projets ont été sollicités par des communes membres des Groupes d'Action Locale (GAL) et par des associations ou des personnes privées issues des 4 régions LEADER du Luxembourg (Atert-Wark, Éislek, Mëllerdall et Lëtzebuerg West).

Vous avez encore aussi la possibilité d'introduire votre projet de numérisation avant la fin de l'année 2022. Ne tardez plus !

Si vous détenez des archives en lien avec l'Histoire culturelle ou historique de nos régions et villages (vieux livres ou recueils sur le patrimoine régional, anciennes revues d'associations locales, diapositives ou photos représentatives d'une époque, ou plus généralement tout support qui constitue une trace ou un témoignage du patrimoine local ancestral, alors vos archives peuvent être digitalisées gratuitement en vue de les préserver à long terme et être ainsi accessibles aux générations actuelles et à venir.

Vous pouvez consulter notre site www.arnu.lu pour découvrir plus en détails les objectifs du projet ARNU ainsi que les documents divers (livres, revues, photographies, diapositives, négatifs, films ...) qui ont déjà fait l'objet d'une numérisation. Vous pourrez aussi télécharger les documents en vue de nous soumettre votre projet.

Si vos documents sont dignes d'intérêt au niveau culturel ou historique, ils seront numérisés gratuitement par l'atelier Back-Office de Autisme Luxembourg ASBL. Cet atelier d'insertion professionnelle occupe des salariés atteints d'autisme qui sont spécialisés dans le travail de numérisation de nombreux types d'archives.

Le projet ARNU a déjà permis la numérisation d'anciennes cassettes vidéo ou capture de supports mini-DV contenant du matériel audiovisuel des années 50-70 provenant de films 8mm et Super8, des livres anciens sur des réalités de la vie locale et régionale, des textes d'anciennes pièces de théâtres régionaux, des recueils sur l'histoire locale et régionale (industrielle, musicale, culturelle, périodes de guerre ...), des revues sur la vie communale ou les services au public (enseignement, services de secours ...), des photos ou cartes postales ou encore des films sur la vie locale d'autrefois (fêtes, sports, nature



En participant au projet ARNU à travers la numérisation à titre gratuit de vos archives personnelles d'intérêt général, vous permettez d'élargir le catalogue des contenus numérisés et vous participez ainsi activement à la stratégie numérique du patrimoine culturel national qui vise à préserver et rendre accessible un maximum de documents anciens en lien notre patrimoine non seulement national mais aussi régional et local.

La phase LEADER du projet ARNU se terminera à la fin de cette année 2022. Des projets sont encore en cours de traitement mais quelques nouveaux projets pourront encore être réalisés avant la fin de l'année. Il est donc encore possible de soumettre sans tarder votre projet en nous contactant. Après la phase LEADER, les travaux continueront mais deviendront payants.

Avis aux amateurs !



Kontakt / Contact

Christian Coiffard
Gestionnaire vum
Projet ARNU
T 26 62 33 54

Vincent Brack
Responsabel vum
Projet ARNU
T 26 62 33 24

AUTISME Luxembourg a.s.b.l.
1, Jos Seyler Strooss
L-8522 Biekerich
T 26 62 33-1
christian.coiffard@autisme.lu

**AUTISME Luxembourg Asbl
Atelier de digitalisation
„Back-Office“**
1, am Trémel
L-8706 Useldange
T 266 233 54
christian.coiffard@autisme.lu
www.autisme.lu

LEADER Atert-Wark
34, grand-rue
L-8510 Redange/Attert
T 23 62 24 90
aw@leader.lu
www.aw.leader.lu





Experiment Drénk-Këschten!

Essai - Armoire à boissons

De Solar-Frigo vun Otterberg
Source: rheinlandpfalz.de

Ass et lech och scho virkomm, dass Dir während engem Vëlos – oder Trëppeltour, op engem waarmen Dag, wäit a breet kee Café oder Buttek ënnerwee fonnt hutt an alles ginn hätt fir ee killt Gedrénks an Ärer Schléck ze spieren? Och wann di leschte Joren eist Vëlosnetz ëmmer méi gewuess ass, ass d'Unzuel vun de Caféen an eisen Dierfer leider ëmmer méi kleng ginn. Erdichtert a platt Vëlos- oder Trëppeltouriste passen awer net an eist Konzept vum „Slow Tourism“. Als kleng Erënnerung – beim Slow Tourismus geet et drëm eng Regioun mat alle Sënner, an ouni Hektik, ze genéissen an an d'Geschicht an an d'Kulinarik anze tauchen... A wéi soll dëst besser goen wéi am slow Modus, also ze fouss oder um Vëlo? Esou ass an engem Leader-Projet d'Iddi vun den Dréng-Këschten entstanen. Dir huet aus engem Schaf e Gedrénks eraus, leet d'Suen an d'Keess, genéisst d'Erfrëschung op enger flotter Bänk, stellt déi eidel Fläsch nees zréck an de Schaf, ier et da mat neien Energien weider op den Tour geet.

No enger Schnupper-Aktioun um Internet, si mir op de „Solar-Kühlschrank“ vun Otterberg an Däitschland gefall. Dëse mat Solarenergie bedriwwene Frigo steet laanscht engem Wanderwee op enger flotter Picknickplaz. D'Initiative baséiert op d'Éierlechkeet vun de Leit. Eist Naturschutzgesetz léisst esou Installatiounen awer net an der Gréngzon zou, dowéinst musse mir eis op déi Dierfer konzentréieren, wou et keng Caféen oder Restauranten (méi) ginn.

Am Kader vun dësem Leader-Projet soll ee Pilot-Solarfrigo entstoen. De Bau wäert zesumme mat Schüler aus dem Atert Lycée Réiden realiséiert ginn. Geplangt ass fir an der éischter Phase BIOG Frësch Limonaden unzebidden. De genauen Emplacement muss nach ënnert d'Lupp geholl ginn: engersäits sollen d'Vëlosfuerer op eisen touristesche Circuiten dervu kënnen profitéieren (besonnesch während den 2 Weekender vum Vëlossummer am August) an anerersäits soll dëse Projet natierlech awer och interessant si fir eis Bierger, déi gär aktiv dobaussen ënnerwee sinn. Wann alles riicht leeft, soll eisen éischte Pilot-Frigo nach am Summer opgeriicht ginn, méiglecherweis esouguer een zweeten. An enger zweeter Phas ass och geplangt an dëse Këschten d'Auswiel mat regionale Snacks z'erweideren.

Mir wënschen eis, dass dës Dréng-Këschte vun all Mënsch éierlech a korrekt benotzt ginn an esou ee flotte Méiwäert fir eis „Slow-Regioun“ entsteet. Iwwert den Internet-Site vum Kanton Réiden (www.kanton-reiden.lu) wäerte mir lech informéiert hale vun der Entwécklung heivun. Bis geschwënn!



Les communes du Canton de Redange sont en train de développer leur offre touristique, tout en suivant le concept du Slow Tourism. La randonnée à pied et à vélo est un élément-clé de ce concept dans lequel les visiteurs sont invités à découvrir la région, son histoire, ses spécificités culinaires avec tous leurs sens et surtout sans stress. Cela va sans dire que des pauses bien méritées y font partie. Malheureusement, le nombre de bistros ne cesse de diminuer, ce qui réduit les chances de tomber sur un rafraîchissement en cours de route.

L'idée des armoires à boissons est née d'un projet Leader. Celles-ci sont équipées d'un panneau solaire, d'une batterie, d'une petite caisse et d'un frigo. Dans un 1er temps des limonades de BIOG seront proposées. Dans un 2^{ème} temps, il est aussi envisagé d'agrandir l'offre avec des snacks locaux. Le système de paiement est basé sur l'honnêteté des utilisateurs.

La loi luxembourgeoise sur la protection de la nature interdit le montage de ces armoires dans la zone verte, c'est pourquoi le Syndicat intercommunal est en train d'analyser avec les communes des emplacements dans l'agglomération. La construction de l'armoire est réalisée avec des étudiants du Atert Lycée de Redange. Nous espérons que le prototype sera prêt en début d'été et que tout le monde respecte le bon fonctionnement des armoires.

Pour rester informé sur l'évolution du projet, veuillez suivre www.kanton-reiden.lu.



© ORT Guttland © Marc Lazzarini



Syndicat Intercommunal Kanton Réiden Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-040
mobil@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Pêche, de la
Chasse et de la Forêt
Fonds européen agricole pour le développement rural:
l'Europe investit dans les zones rurales.





jepeuxvoter.lu



Die Beteiligung der Nicht-Luxemburger an den Gemeindewahlen vom 11. Juni 2023

La participation des résidents non-luxembourgeois aux élections communales du 11 juin 2023

Lassen Sie uns einige Zahlen zur Wahlbeteiligung von Nicht-Luxemburgern bei den letzten Kommunalwahlen Revue passieren.

Passons en revue quelques chiffres de la participation électorale des non-luxembourgeois aux dernières élections communales.



Pakt vum Zesummeliewen - Maison Worré

11, Grand-Rue L-8510 Redange/Attert T 28 334-210 karsten.kuepper@kanton-reiden.lu www.zesummeliewen.lu

Bei Abschluss der Eintragungen in die Wählerlisten waren 34.638 Personen mit ausländischer Staatsangehörigkeit eingetragen, was einer tatsächlichen Eintragungsrate von 22,8% im Vergleich zu den 151.9382 Ausländern entspricht, die 18 Jahre und älter sind und seit mindestens 5 Jahren in Luxemburg leben.

Es gibt also einiges zu tun in einem Land, in dem der Anteil der nicht-luxemburgischen Einwohner fast 50% beträgt.

Das Ministerium für Familie, Integration und die Großregion hat vor Kurzem seine Kampagne „Ich kann wählen“ gestartet, die aus zwei Etappen besteht. In der ersten Phase geht es darum, die Menschen für die Zuständigkeiten und Verantwortlichkeiten ihrer Gemeinde zu sensibilisieren: Was tut meine Gemeinde für mich? Welche Kompetenzen hat sie? Warum ist es wichtig, sich auf kommunaler Ebene zu beteiligen und abzustimmen? Abschließend widmet sich die Kampagne der Eintragung in die Wählerlisten und erklärt wie man in Luxemburg wählt: Wie kann man sich online und bei der Gemeindeverwaltung in die Wählerlisten eintragen lassen? Wie wählt man in einer Gemeinde nach dem System der relativen Mehrheit („Majorzgemeng“)? Wie wählt man in einer Gemeinde nach dem Listenwahlrecht mit proportionaler Vertretung („Proporzgemeng“)?

Die Website zur politischen Partizipation von Nicht-Luxemburgern ichkannwaehlen.lu wird nach und nach mit Informationen über die vom Ministerium und seinen Partnern durchgeführten Aktivitäten gefüllt.

Zögern Sie also nicht, an einer der zahlreichen Aktivitäten, die in Ihrer Gemeinde oder über das ganze Land verteilt organisiert werden, teilzunehmen und Ihre Verwandten, Freunde und Nachbarn dazu anzuregen, dasselbe zu tun. Zwei Treffen des GRESIL (Groupe d'échange et de soutien en matière d'intégration au niveau local) sind in diesem Jahr der politischen Partizipation von Nicht-Luxemburgern gewidmet und stellen den Gemeinden bewährte Verfahren (Kommunikationsmittel, Materialien, Initiativen und Sensibilisierungsmaßnahmen) vor. Im Rahmen des „Pakt vum Zesummeliewen“ werden Bürgerworkshops organisiert, die die Themen „Warum wählen?“ (Maison Relais, Schulen, Mobilität, Umwelt in meiner Gemeinde usw.) abdecken.

Sie finden „Ich kann wählen“ auch in den sozialen Netzwerken, in Bushaltestellen und Bussen sowie in Ihrem Briefkasten.

Meine Stimme, meine Wahl! Sie entscheiden am 11. Juni 2023 über die Zukunft Ihrer Gemeinde!

www.ichkannwaehlen.lu

Lors de la clôture des inscriptions sur les listes électorales, 34.638 personnes de nationalité étrangère étaient inscrites, représentant un taux d'inscription réel de 22,8% par rapport aux 151.9382 étrangers de 18 ans et plus et qui résident au Luxembourg depuis au moins 5 ans.

Il y a donc de quoi faire dans un pays où le taux de résidents non-luxembourgeois s'élève à presque 50%.

Le ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région vient de lancer sa campagne « Je peux voter » qui se décline en deux étapes. Dans un premier temps, il s'agit de sensibiliser les gens aux compétences et responsabilités de leur commune : Que fait ma commune pour moi ? Quelles sont ses compétences ? Pourquoi est-il important de participer et de voter au niveau communal ? S'ajoutera ensuite le volet de l'inscription proprement dite et la façon de voter au Luxembourg : Comment s'inscrire en ligne et auprès de l'administration communale ? Comment voter dans une commune au système de la majorité relative ? Comment voter dans une commune au scrutin de liste avec une représentation proportionnelle ?


Un site internet dédié à la participation politique des non-luxembourgeois jepeuxvoter.lu sera alimenté au fur et à mesure des actions menées par le ministère et ses partenaires.

N'hésitez donc pas à participer et à initier vos proches, amis et voisins à faire de même, à une des nombreuses activités organisées dans votre commune ou à travers le pays. Deux rencontres du GRESIL (Groupe d'échange et de soutien en matière d'intégration au niveau local) sont dédiées cette année à la participation politique des non-luxembourgeois, présentant des bonnes pratiques (outils de communication, matériel, initiatives et actions de sensibilisation) aux communes. Des ateliers citoyens couvrant le volet « pourquoi voter »: maisons relais, écoles, la mobilité, l'environnement dans ma commune, etc.) seront organisés dans le cadre du « Pakt vum Zesummeliewen ».

À côté de cette campagne de terrain, vous trouverez « Je peux voter » également sur les réseaux sociaux, dans les abribus et les bus et dans votre boîte aux lettres.

Ma voix, mon choix ! C'est vous qui décidez de l'avenir de votre commune le 11 juin 2023 !

www.jepeuxvoter.lu



Flott Aktiounen vun eise Gemenge fir eis Ëmwelt

Wat maachen eis Gemenge fir eis Ëmwelt, eist Klima a fir eng besser Liewensqualitéit an eisen Dierfer? Mir stellen Iech hei zwee Beispiller aus de Gemenge Groussbus a Prézerdal vir.



Gemeng Groussbus

Tempo 30 am Kär vu Groussbus

Dës Berouegungsmoosnam, déi offiziell „Tronçon à trafic apaisé avec vitesse maximale autorisée de 30 km/h“ heescht, ass aus engem Wonsch vun der deemoleger Verkéierskommissioun entstanen. D'Uleies wor fir besonnesch de Kanner ëm d'Schoul méi eng grouss Sécherheet ze garantéieren. Wéi d'Vitesse-reduktiounen op Nationalstroossen an den Dierfer méiglech gi sinn, huet d'Gemeng, zesumme mat hirem Bureau d'Etudes, ee Projet ausgeschafft, dee vun der Ponts & Chaussées guttgeheescht gouf. Sou setzt de Projet sech zesummen: di maximal Vitesse während 300 m op 30 km/h erof ze setzen, d'Strooss mat Verengunge méi schmuel ze gestalten an e spezielle Belag (Epoxy) ze verleeën. All dës Aarbechten, déi d'Gemeng finanziell integral gedroen huet, sinn 2021 ëmgesat ginn. D'Gemengevertrieder sinn iwwerzeegt, dass d'Verkéierssécherheet sech mat dëser Moosnam vill verbessert huet. Et mécht och rëm Freed ze Fouss oder um Vëlo op dëser villbefuerener Strooss ënnerwee ze sinn. D'Situatioun beim Zebrasträife virun der Kierch ass weiderhi geféierlech. Hei ass de Wonsch vun der Gemeng, fir d'Tempo-30-Zon bis bei de Parking vun der Kierch ze verlängeren.



**Syndicat Intercommunal
Kanton Réiden
Pacte climat**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334
www.kanton-reiden.lu

**„Dës Tempo-30-Zon am Zentrum vu Groussbus suert net nëmme fir méi Sécherheet an eisem Duerfkär, mee verschéinert och d'Duerfbild. Mam neie Gemengenhais nieft der Kierch a mam Ausbau vum Schoukplex gewënnt den Duerfkär nach weider un Attraktivitéit.“
Paul Engel, Buergermeeschter Gemeng Groussbus**



Gemeng Préizerdaul

Foussgänger-Beliichtung op Demande

D'Gemeng Préizerdaul huet de Foussgängerwee tëscht de Citeeë Kinnewee a Kinnebësch mat enger neier LED-Beliichtung ekipéiert, déi mat enger Zäitschaltauer ka fir 10 Minutten ugemaach ginn. Esou bleift d'Luucht net di ganz Nuecht un, wat der Liichtverschmutzung an eisen Déieren ze gutt kënnt. An Zukunft soll dëse System op weidere Foussgängerweeër an der Gemeng installéiert ginn.



„Mat dëser Moosnam maache mir net nëmmen eppes géint d'Verbëtze vun Energie, mee och eppes Gutts fir eis Flantermais an Insekten“.
Marc Gergen, Buergermeeschter Gemeng Préizerdaul

D'Veräiner Aus dem Kanton Réiden Sichen ...



D'Frënn vun der Lee a.s.b.l

D'Frënn vun der Lee vum Schiefermusée zu Uewermaartel sichen:

- **Guiden**
- **Leit, déi mam Zuch fueren oder den Zuch ënnerhalen**
- **Workshopen mat Kanner organiséieren**
- **Leit, déi de Gaart ënnerhalen**

Wann Dir interesséiert sidd, da mellt lech um T 661 740 112 oder per Mail op amis@ardoise.lu

Sidd Dir als Veräin och op der Sich no Leit déi ären Interessi deelen an Dir sicht no enger spezieller Persoun zB e neie Caissier?
De „Kanton Réiden“ bitt lech an deenen nächste Synergien eng Méiglechkeet fir är Besoinen a Form vun enger klenger Annonce gratis ze publizéieren. Huelt Kontakt mam Mike Scholtes (T 28 334-030) vum „Kanton Réiden“ op, fir déi weider Formalitéite vun dëser Annonce.



**KANTON
RÉIDEN**



Natura 2000 – Eine Region voller Schätze

Artenreiches Grünland

Ein erstaunlich vielfältiges Biotop

Natura 2000 – Une région riche en trésors

Prairies riches en espèces – Un biotope d'une étonnante diversité

Es summt und kriecht in den Wiesen des Landes ... doch dies in viel geringerem Ausmaß als früher. Auch wenn das extensive Grünland neben den tropischen Regenwäldern zu den artenreichsten Biotoptypen weltweit gehört, hat sich die Fläche dieses wichtigen Lebensraums in den letzten Jahrzehnten erheblich verkleinert, auch in Luxemburg. Doch durch den Naturschutz in Zusammenarbeit mit der Landwirtschaft gibt es Hoffnung, diese wertvollen Biotope wieder vermehrt in der Landschaft zu integrieren.

Wichtige Funktionen des artenreichen Grünlandes

Vereinfacht gesagt entwickelt sich artenreiches Grünland, wenn eine Wiese oder Weide traditionell und extensiv genutzt wird und frei von Drainage, übermäßiger Düngung, chemischen Spritzmitteln und Nachsaat von nicht standortgerechten Grünlandsorten ist.

40 bis 60 verschiedene Kräuter- und Grasarten pro Quadratmeter schaffen ein Naturwunder für viele verschiedene spezialisierte Tierarten, vor allem aus den Gruppen der Amphibien, Vögel, Spinnen, Heuschrecken, Schmetterlingen und weiterer Insekten. Heute gehören viele Insekten und Vögel des Offenlandes zu den am stärksten gefährdeten Arten, auch zunehmend im stark zersiedelten Luxemburg. Es handelt sich demnach um äußerst wichtige Biotope, die es auf jeden Fall zu erhalten gilt.

Nicht nur für die Biodiversität leistet das artenreiche Grünland einen großen Beitrag, sondern es erfüllt auch weitere wichtige Aufgaben im Umwelt- und Klimaschutz. Artenreiche Wiesen und Weiden fungieren als essentielle CO₂-Speicher, schützen den Boden vor Erosion, haben eine wichtige Filterfunktion und sorgen so für sauberes Trinkwasser.

Ça bourdonne et ça fourmille dans les prairies du pays... mais cela dans une bien moindre envergure que dans le passé. Même si les prairies extensives font partie, avec les forêts tropicales humides, des types de biotopes les plus riches en espèces au monde, la surface de cet habitat important s'est considérablement réduite au cours des dernières décennies, y compris au Luxembourg. Cependant, grâce à la protection de la nature en collaboration avec l'agriculture, il y a un espoir de pouvoir réintégrer davantage ces précieux biotopes dans notre paysage.

Fonctions importantes des prairies riches en espèces

Pour simplifier, une prairie riche en espèces se développe lorsqu'une prairie ou un pâturage est utilisé de manière traditionnelle, extensive et est exempt de drainage, de fertilisation excessive, de traitements chimiques et de réensemencement de variétés de prairies non locales.

Quarante à soixante espèces différentes d'herbes et de graminées par mètre carré créent un merveilleux milieu naturel pour de nombreuses espèces animales spécialisées, notamment des groupes d'amphibiens, d'oiseaux, d'araignées, de sauterelles, de papillons et d'autres insectes. Aujourd'hui, de nombreux insectes et oiseaux des milieux ouverts font partie des espèces les plus menacées, et ce de plus en plus dans un Luxembourg fortement urbanisé. Il s'agit donc de biotopes extrêmement importants à préserver absolument.

Non seulement les prairies riches en espèces apportent une contribution importante à la biodiversité, mais elles remplissent également d'autres fonctions importantes dans la protection de l'environnement et du climat. En effet, les prairies et pâturages riches en espèces fonctionnent comme des réservoirs de CO₂ essentiels, protègent le sol de l'érosion, jouent un rôle de filtre important et assurent ainsi la propreté de l'eau potable.

< Ein Dickkopffalter, ein typischer Bewohner der Flachland-Mähwiesen versorgt sich mit Nektar auf einer Schwarzen Flockenblume (Useldingen).
Un papillon de la famille des hespéridés, un habitant typique des prairies maigres de fauche, se nourrit de nectar sur une Centaurée noire (Useldange).

© Dan Petry



Die Situation in Luxemburg und in den Natura 2000 Gebieten

Auch wenn das artenreiche Grünland in den letzten Jahrzehnten vor allem durch den Verbau und die Intensivierung der Landwirtschaft einen Rückgang zu verzeichnen hat, verfügt das Land noch über viele wertvolle Grünlandtypen in unterschiedlichen Ausprägungen. Allerdings wurde ihr ökologischer Zustand insgesamt als „ungünstig – schlecht“ eingestuft.

Rund ein Viertel des nationalen Grünlandes wurde dem naturschutzfachlich relevanten Grünland zugewiesen und umfasste zum Zeitpunkt der Aufnahme (1999-2010) rund 18.000 Hektar. Hierzu zählen sowohl die national und europäisch geschützten Biotop als auch Flächen, die noch ein großes Entwicklungspotential aufweisen.

Ein wichtiges Biotop ist hierbei die Magere Flachland-Mähwiese, ein EU-weit geschütztes Biotop. Es macht rund 16% des naturschutzfachlich relevanten Grünlandes und rund 4% des gesamten Grünlandes in Luxemburg aus. In den Natura 2000 Gebieten liegen rund 40% dieses geschützten Lebensraumes sowie rund ein Drittel des naturschutzfachlich relevanten Grünlandes. Die Natura 2000 Gebiete bilden somit ein wichtiges Refugium für diese Biotop.

La situation au Luxembourg et dans les sites Natura 2000

Même si les prairies riches en espèces ont connu un recul au cours des dernières décennies, principalement en raison des constructions et de l'intensification de l'agriculture, le pays dispose encore de nombreux types de prairies de grande valeur avec des caractéristiques variées. Toutefois, leur état écologique a généralement été jugé « défavorable - mauvais ».

Environ un quart des prairies nationales a été attribué aux prairies importantes pour la protection de la nature et couvrait environ 18.000 hectares au moment de l'inventaire (1999-2010). Parmi celles-ci, on compte aussi bien les biotopes protégés au niveau national et européen que les surfaces qui présentent encore un grand potentiel de développement.

Un biotope important à cet égard est la prairie maigre de fauche, un biotope protégé au niveau européen. Elle représente environ 16% des prairies importantes pour la protection de la nature et environ 4% de l'ensemble des prairies au Luxembourg. Environ 40% de cet habitat protégé ainsi qu'environ un tiers des prairies importantes pour la protection de la nature se trouvent dans les sites Natura 2000. Les sites Natura 2000 constituent donc un refuge important pour ces biotopes.

^
Ein Kleiner Fuchs bestäubt eine Sumpf-Kratzdistel auf einer Pfeifengraswiese in Tüntingen.
Une Petite Tortue pollinise un cirse des marais dans une prairie à Molinia à Tuntange.
© Dan Petry



^
Sumpf-Vergissmeinnicht, eine typische Art der Flachland-Mähwiesen, hier am Beispiel einer Flachland-Mähwiese in Useldingen.
Myosotis des marais, une espèce typique des prairies maigres de fauche, illustrée ici sur une prairie maigre de fauche à Useldange.
© Dan Petry



Um den Schutz und die Wiederherstellung dieser Lebensraumtypen voranzutreiben, hat sich Luxemburg eine „Strategie zum Erhalt und Wiederherstellung des artenreichen Grünlandes in Luxemburg“ auferlegt, in dem Ziele und Handlungsempfehlungen formuliert werden. So sollen unter anderem die mageren Flachland-Mähwiesen sowie weitere gefährdete Grünlandtypen erhalten werden, dem Verlust weiterer Grünlandbestände entgegengewirkt werden, sogenannte Grünlandrenaturierungen durchgeführt werden sowie die Zusammenarbeit zwischen Landwirtschaft und Naturschutz gestärkt werden. Eine wichtige Prämisse besteht darin, die landwirtschaftliche Produktion so zu gestalten, dass sie für die Landwirte rentabel ist und gleichzeitig einen positiven Effekt auf die Biodiversität hat. Nur so kann nachhaltiger Naturschutz im Einklang mit einer ertragsreichen landwirtschaftlichen Produktion erfolgen und die wichtigen Funktionen, die das artenreiche Grünland erfüllt, auch langfristig gesichert werden.

Weitere Informationen zu diesem Thema finden sie unter anderem in Form der genannten Strategie zum Erhalt und Wiederherstellung des artenreichen Grünlandes in Luxemburg auf www.emwelt.lu.
Direktlink: <https://lmy.de/K54t6>

Afin de promouvoir la protection et la restauration de ces types d'habitats, le Luxembourg s'est fixé une « stratégie de préservation et de restauration des prairies riches en espèces au Luxembourg », dans laquelle sont formulés des objectifs et des recommandations d'action. Il s'agit entre autres de préserver les prairies maigres de fauche ainsi que d'autres types de prairies menacées, de lutter contre la disparition des prairies, de procéder à leur restauration et de renforcer la collaboration entre l'agriculture et le domaine de la protection de la nature. Une prémisses importante est d'organiser la production agricole de manière à ce qu'elle soit rentable pour les agriculteurs et qu'elle ait en même temps un effet positif sur la biodiversité. Ce n'est qu'ainsi qu'une protection durable de la nature pourra se faire en harmonie avec une production agricole rentable et que les fonctions importantes que remplissent les prairies riches en espèces pourront être assurées à long terme.

Pour plus d'informations sur ce sujet, vous pouvez notamment consulter la « stratégie de conservation et de restauration des prairies riches en espèces au Luxembourg » sur www.emwelt.lu.
Lien direct : <https://lmy.de/K54t6>



^

Flachland-Mähwiese in Useldingen - Im Vordergrund ist gut die weiße Magerwiesen-Margerite zu erkennen.

Prairie maigre de fauche à Useldange - La marguerite commune est bien visible au premier plan.

© Dan Petry



NATURA 2000
Site d'Intérêt National



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement Durable



Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement Durable

**COPIL Natura 2000
Attert-Warkdall**

**Maison de l'Eau
de l'Attert a.s.b.l.
Gewässervertrag Attert
Contrat de Rivière Attert**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T 26 62 08 08
natura2000@attert.com
www.attert.com

 Natura2000AttertWarkdall



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

Alentoure bei mengem Haus

Méi naturno an ëmweltfrëndlech ass och méiglech

*L'aménagement des alentours :
plus naturel et écologique est aussi possible*

De 4. Mee war bei eis an der Infostuff eng méi lass ! D'Waasserhaus huet een Infoowend organiséiert iwwert d'Thema: Alentoure bei mengem Haus - méi naturno an ëmweltfrëndlech ass och méiglech.

Le 4 mai dernier, à la Infostuff, la Maison de l'Eau a organisé une soirée d'information sur le sujet : l'aménagement des alentours - plus naturel et écologique est aussi possible.



Wann och Dir um Thema interesséiert sidd, dann zéckt net, a frot bei eis am Waasserhaus no! Mir kënnen lech berode fir är Alentouren naturno ze gestalten.

Si ce sujet vous intéresse, n'hésitez pas à nous contacter à la Maison de l'Eau ! Nous pouvons vous conseiller pour aménager vos alentours de façon plus naturelle.

Déi interesséiert Bierger waren all déi gutt Tipps lauschtere komm, op wat ee soll oppasse wann ee grad um plangen ass vu sengem neien Haus, d'Haus grad fäerdeg gebaut ass oder een et ronderëm sengem Haus wëll nei gestalten.

Mat ville Beispiller, positiver esou wéi negativer, gouf gewise wou ee muss oppassen, wat ee ka besser maachen, a wat wichteg ass an dat zou zwee prinzipiellen Themen: d'Reewaasser besser managen op der Parzell a méi Biodiversitéit an de Gaart bréngen.

Beim Reewaasser ass et wichteg, esou vill wéi méiglech d'Waasser asickeren ze loossen, dat heescht konkret esou mann wéi méiglech ze versigelen, sief dat bei der Garagenafaart, bei der Terrass oder bei de Weeër ronderëm d'Haus.

Beim Gaart ass et wichteg, dass een deen esou amenagéiert, dass een den Insekten, de Vullen a generell den Déieren esou vill wéi méiglech Narung a Liewensraim bitt. Bei engem Naturgaart gëtt dofir vill Bedeutung op eng grouss Villfalt u Strukturen an eenheemesche Planze geluecht, genau esou wéi d'Benotze vun natierlech a recycléierbare Baustoffer.

Les citoyens intéressés sont venus écouter les bons conseils à suivre lors de la planification de leur nouvelle maison, si la construction de la maison vient de se terminer ou si on souhaite modifier les aménagements autour de sa maison existante.


Avec beaucoup d'exemples, positifs comme négatifs, il a été montré à quoi il fallait faire attention, ce que l'on peut encore améliorer, ce qui est important et ceci pour deux thématiques principales : la gestion de l'eau pluviale sur la parcelle et l'augmentation de la biodiversité dans les jardins.

Concernant l'eau de pluie, il est important de permettre à un maximum d'eau de s'infiltrer, ce qui veut dire concrètement imperméabiliser le moins de surface possible. Ceci aussi bien pour les accès de garage que pour la terrasse ou les sentiers autour de la maison.

Concernant le jardin il est important de l'aménager de telle façon à ce qu'il apporte un maximum de nourritures et d'habitats aux insectes, aux oiseaux et autre faune. Dans un jardin naturel, on accorde ainsi beaucoup d'importance à une grande diversité de structures et de plantes indigènes, tout comme l'utilisation de matériaux naturels et recyclables.



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com




D'Anzugsgebitt vun der Atert ëmfaasst ca. 300 km² / Le bassin versant de l'Attert représente env. 300 km²

D'Gemeng Sëll gëtt 10. Membersgemeng!

La commune de Saeul devient la 10ème commune membre



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l. 43, Grand-Rue L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com



U fank Februar huet de Schäferot vu Sëll d'Konventioun ënnerschriwwen fir Member am Gewässervertrag Attert ze ginn. Och wa Sëll keen direkten Accès zur Attert huet, läit awer 96% vum Gemengenterritoire am Anzuchsgebitt vun der Attert.

Nieft de Gemengen Attert (B), Biekeresch, Ell, Réiden, Préizerdaul, Useldeng, Helperknapp, Biissen a Colmer-Bierg, déi vun Ufank u scho beim Gewässervertrag Attert derbäi sinn, ginn et och eng Rei Naturschutzorganisatiounen, Drénkwaasser- an Ofwaassersyndicaten esou wéi d'Landwirtschaftskammer, déi dës Konventioun säit iwwer 20 Joer matdroen an esou zum Gewässer-schutz am Attertdall beidroën.

Geréiert gëtt de Gewässervertrag Attert vun der A.s.b.l. „Maison de l'Eau de l'Attert“ mat Sëtz ze Réiden. D'Bierger vun de Membergemengen hunn d'Méiglechkeet, op eng sëllege Servicer zréckzegräifen, déi vun der Asbl ugebuede ginn, z.B:

- > Berodung am Beräich vun der Reewaassergestioun
- > Berodung a Planung vun Naturgäert fir Privatleit a Betriber
- > Organisatioun vun Excursiounen an Uleeë vu Themeweeër
- > Animatioun vu pedagogeschen Atelieren fir Schouklasse
- > Bibliothéik mat Bicher zum Thema Waasser an Natur

Début février, le collège échevinal de la commune de Saeul a signé la convention pour devenir membre du contrat de rivière Attert. Même si Saeul n'a pas d'accès direct à l'Attert, 96% de son territoire communal se trouvent dans le bassin versant de l'Attert.

Avec les communes Attert (B), Biekeresch, Ell, Redange, Préizerdaul, Useldeng, Helperknapp, Bissen et Colmar-Berg, qui sont déjà présentes depuis le début du contrat de rivière, sont également membres une série d'organisations de protection de la nature, de syndicats d'eau potable ou d'eaux usées, tout comme la chambre d'agriculture. Tous ces acteurs contribuent au contrat de rivière de l'Attert depuis plus de 20 ans.

Le contrat de rivière est géré par l'a.s.b.l. « Maison de l'Eau de l'Attert » qui a son siège à Redange. Les citoyens des communes membres ont la possibilité de recourir à une série de services offerts par l'a.s.b.l., comme par exemple :

- > conseils dans la gestion des eaux pluviales sur la parcelle
- > conseils et planification de jardins naturels pour les citoyens et les entreprises
- > organisation d'excursions et mise en place de sentiers thématiques
- > animation d'ateliers pédagogiques pour les écoles
- > bibliothèque avec des livres sur les thèmes de l'eau et de la nature



De Schäfferot vun der Gemeng Sëll / Le collège échevinal de la commune de Saeul

Hëllef, meng Masuttsrechnungen explodéieren!

Mam Ugrëff vu Russland op d'Ukraine ass de Pëtrolspräis an d'Luucht geschoss a wëll net méi erof goen. Praktesch op der ganzer Welt spieren d'Mënschen dës Präisexplosioun bei allem wou Energie am Spill ass, sief et beim Hëtzen, bei der Produktioun vu Liewensmëttel oder beim Transport.



Mir hunn een Interview mam Marcel Barros gemaach, dem Energieberoder vum Syndikat Kanton Réiden, fir gewuer ze ginn, wat all Stot konkret ka maache fir net bei der nächster Masuttsrechnung eng béis Iwwerraschung ze kréien.

Ech wunnen an engem Haus dat 1985 gebaut gouf. Deemoools gouf den Daach mat nëmme 5cm Glaswoll isoléiert. Stëmmt et, dass duerch den Daach am meeschten Hëtzt verluer geet? Wat kann ech dogéint maachen?

Effektiv, entfale bei engem Haus aus där Zäit ronn 20-25% vun den Energieverloschter op den Daach. Och wann eng nei Isolatioun vum Daach mat vill Aarbecht a Sue verbonnen ass, rentéiert sech dësen Investment ëmmer, an elo nach méi! Mir erhéijen esou de Wäert a Wunnonfort vum Haus a mir reduzéieren de Wärmebedarf Joer fir Joer. Denk laangfristeg a vergiess net, dass de Staat an d'Gemengen héich Bähëllef ginn.

Am Summer hëtzen ech net, ech brauch nëmme bëssi waarmt Waasser fir d'Kichen an d'Dusch. Muss meng Masuttsheizung awer de ganze Summer duerch lafen?

Mat den aktuellen Energiepräisser ass et net wirtschaftlech d'Masuttsheizung am Summer nëmme fir d'Waarmwaasserproduktioun lafen ze loossen. Well eng Zirkulatiounspumpe, déi Dag a Nuecht leeft, brauch net nëmme Stroum, mee si verdeelt d'Hëtzt och am ganze Waarmwaassersystem vum Haus. Doduerch spréngt den Heizungskessel méi oft un, wat natierlech Masutt brauch. Dofir bidden sech jee no Situatioun, folgend Léisungen un: thermesch Solaranlag (interessant wéinst de Subside vu Staat, Enoprimes a Gemeng), elektresch Boiler, Durchlauferhitzer an Dréckwaasserwärmepumpe.

Ok, da spueren ech vläicht Masutt an, mee explodéieren da net meng Stroumkäschte wéinst dem elektresche Boiler an dem Durchlauferhitzer?

Nee, dat denken ech net, well beim Durchlauferhitzer nëmme esou vill Waasser opgehëtzt gëtt wéi wierklech gebraucht gëtt. Beim konventionelle Boiler vun der Masuttsheizung gi permanent 150-300 Liter op 60°C gehalen. Esou ee Boiler verléiert nämlech all Dag ronn 10°C, esouguer wann ee kee waarmt Waasser verbraucht (->



Marcel Barros, den Energieberoder vum Kanton Réiden

Stillstandsverluste). Ech hunn doheem op all Stack een Durchlauferhitzer, deen d'Waasser nohëtzt wann d'Solarthermie net genuch bréngt (> solartaugliche Durchlauferhitzer).

Di nei Haiser ginn all mat enger Wärmepumpe gehëtzt. Wier esou eng Wärmepumpe och eng Alternativ fir mäin 1985er-Haus oder ass dat nëmme fir ganz spuersam Haiser mat Foussbuedemheizung?

Dat Wichtigst ass fir de Wärmebedarf ze ermëttelen, also wéi vill Masutt brauch mäin Haus am Joer. Da muss gekuckt ginn, wéi wäit een d'Virlaftemperatur vun der Heizung ka senken an trotzdem den Heizconfort am Wanter garantéieren. Wann de Virlaf mat z.B. 50°C d'Haus waarm genuch hëtzt, da kann een eng Wärmepumpe als Léiung betruechten. Wat d'Haus besser isoléiert ass, an esou de Wärmebedarf niddereg ass, wat d'Wärmepumpe méi ubruecht ass.

Mäin Haus ass awer leider net esou gutt isoléiert an huet och keng Foussbuedemheizung. Wat recommandéiers Du mir?

